M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statsminister.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen ass heiansdo ongedëlleg, mä an dësem Fall verstinn ech awer och seng Ongedold. Et geet mir och esou mat eenzelne Behaaptungen, déi Är Partei viru siwen, aacht Joer opgestallt huet a fir déi bis haut nach kee Beweis geliwwert ginn ass. Dofir verstinn ech et ganz gutt, dass Dir heiansdo ongedëlleg sidd, wann dat net esou séier kënnt, déi Äntwert op déi Froen, déi een…

(Interruption et hilarité)

Ech wollt soen zu deenen dräi Froen, déi den Här Mehlen stellt, dass mer, nodeem déi sou genannte Santésaffär 1997, 1998 zur Diskussioun stoung, systematesch dofir gesuergt hunn, an där leschter Regierung an an dëser Regierung, dass keng Beamte sech an deem Zwiespalt solle befannen, deen da kann entstoen, wann ee kontrolléiert gëtt a wann ee selwer kontrolléiert. Et sinn iwwerall Virkéierunge getraff ginn, dass, wann ee Beamte säi Ministère op enger Plaz vertrëtt, an engem Conseil d'administration vun engem Établissement public oder vun aneren Ariichtungen, dee Beamten da selwer am Haus net méi iwwer eng Ënnerschrëft verfügt an deem Beräich, an deem e par ailleurs de Ministère vertrëtt.

Dat ass am grousse Mooss direkt no der sou genannter Santésaffär am Ministère vun der Gesondheet geschitt, nach ënnert der Responsabilitéit vum Minister Wohlfart, dee souwuel an de Centres hospitaliers wéi op Mondorf Leit genannt huet, déi iwwerhaapt näischt méi mat sengem Ministère ze dinn haten. An all Gesetzer, déi elo hei iwwer Établissements publics gestëmmt gi sinn, do huet d'Chamber jo och ëmmer grousse Wäert drop geluecht, gesinn dat och ausdrécklech fir, esou dass beispillsweis am Ministère vum Logement, an deem vun der Kultur, vum Sport, vun der Santé an an aneren, wéi se à l'époque - séier oft zu Onrecht, niewebäi bemierkt - inkriminéiert gi sinn, et där Situatioune menges Wëssens keng méi gëtt.

Eng speziell Fro betrëfft de Ministère vun den Travaux publics. Do wëll ech soen, dass jo do Dispositioune geholl si ginn, dass de Fonds de Kirchberg, de Fonds de la Vieille Ville an de Fonds Belval vu Beamte presidéiert ginn, déi net am Ministère vun den Travaux publics originairement schaffen, esou dass ech mengen, dass och op deem Punkt, well dat besonnesch interesséiert hat, den Här Mehlen an den Här Gibéryen, all Dispositioune geholl si ginn, déi hu musse geholl ginn.

Op d'Fro 3 betreffend Rémunératiounen am Zesummenhank vun de Cumulen, wëll ech soen, dass probéiert gi war déi Matière ze regelen duerch e Gesetz vun 1990. Dës Regierung ass bei der Interpretatioun vun deem Gesetz bliwwen, déi och d'Regierung 1991 an 1996 deem Text zoukomme gelooss huet.

Merci.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5165 iwwert de Blanchiment. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn agedroen: déi Häre Santer, Krecké, Bettel, Henckes, d'Madame Wagener an d'Madame Err. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Laurent Mosar.

5. 5165 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme portant transposition de la directive 2001/97/CE du Parlement européen et du Conseil du 4 décembre 2001 modifiant la directive 91/308/CEE du Conseil relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et modifiant:

1. le code pénal;

2. le code d'instruction criminelle;

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire;

4. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

5. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

6. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances;

7. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat;

8. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

9. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises;

10. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert-comptable;

11. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives;

12. la loi générale des impôts („Abgabenordnung")

Rapport de la Commission juridique

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet iwwert de Blanchiment, dee mer haut hei diskutéieren, ass e wichtege Projet, well et geet net nëmmen, mä och ëm déi gutt Réputatioun vun eiser Finanz- a Bankeplaz.

Wann een den Historique vun deem Projet mécht, stellt ee fest, datt de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen u sech fir d'éischt am Gesetz vum 7. Juli 1989 an eis Gesetzgebung verankert ginn ass. Eng zweet Etapp ass d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993 gewiescht iwwert de Finanzsecteur, e Gesetz, an deem eng ganz Rei vun Obligatiounen deene Leit imposéiert gi sinn, déi am Finanzsecteur schaffen.

Déi nächst wichteg Etapp ass d'Gesetz vum 11. August 1998, dat u sech fir d'alleréischt d'kriminell Organisatiounen an de Blanchiment an eisem Code pénal festgeschriwwen huet. Et ass d'Affär BCCI, déi u sech um Ursprong war vun deene verschiddene gesetzlechen Initiativen, déi dorop ausgeriicht waren den Image vun enger propperer Bankeplaz och iwwer eis Grenzen eraus ze vermëttelen. Och dës Regierung ass systematesch mat där Politik vum sou genanntene Cordon sanitaire, deen ëm eis Finanzplaz geluecht gëtt, weidergefuer, wat sech dann och an enger ganzer Rei vu Gesetzer erëmfonnt huet, wéi d'Gesetz géint d'Bekämpfe vum Terrorismus, d'Entraide judiciaire en matière pénale, d'Domiciliatiounsgesetz; fir nëmmen déi wichtegst hei opzezielen.

De Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen ass also nach ëmmer eng Prioritéit vun deene viregten, awer och vun dëser Regierung gewiescht. Wann d'Attentater vum 11. September 2001 sécherlech verschidden Direktiven a Gesetzer accéléréiert hunn, och um europäesche Plang, sou ass et dach net esou, datt d'Europäesch Unioun respektiv eis Regierung de Kampf géint d'Wäisswäschen a géint den Terrorismus eréischt säit deem Moment entdeckt hätten.

De Projet, dee mer haut stëmmen, ass u sech eng nächst Etapp an deem Prozess an et wäert sécherlech net déi lescht sinn, well déi nächst Direktiv ass och schonn an der Maach op EU-Niveau, sou datt déi nächst Chamber méi wéi wahrscheinlech op dësem Punkt nach eng Kéier wäert légiféréieren.

Här President, ier ech op de Gesetzestext aginn, wëll ech awer fir d'alleréischt nach eng Kéier all menge Kolleeginnen a Kolleegen aus der Commission juridique merci soen. Si sinn e bësselche bei dësem Projet de loi brüskéiert ginn, well mer eréischt konnten de leschte Méindeg de Rapport unhuelen. Dofir géif ech mech och nach eng Kéier hei formell excuséieren.

Ech géif awer och wëllen eisem Här Leclère merci soen, dee wéi bei alle Projets de loi hei tatkräfteg ëmmer eis zur Säit stoung, fir och ze kucken déi Rapporten an deene schnellstméiglechen Délaien duerch den Instanzewee ze kréien.

Här President, d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus sinn an der Zwëschenzäit esou ausgefeilt, datt et net ëmmer evident ass fir déi verschidden europäesch Parqueten, géint dës Aktivitéiten op eng effizient Manéier virzegoen. Duerch ëmmer méi strikt Reglementatiounen am Finanzberäich ass et natierlech wesentlech méi schwéier ginn, fir Sue wäisszewäschen, wat dann och dozou geféiert huet, datt déi kriminell Kräften ëmmer erëm nei a méi ausgefale Strukture sech afale loossen, fir déi komplex Réglementatioun ze ëmgoen.

Mat deem Gesetz, wat ech lech haut hei virstellen, betriede mer Neiland an deem Sënn, datt fir d'éischt an engem Gesetzestext gläichzäiteg d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus verankert ginn. D'Approche vun den Auteuren ass op där enger Säit eng horizontal an deem Sënn, datt eng Rei vun Aktivitéiten, déi bis elo net ënnert dës Gesetzgebung gefall sinn, derbäikommen.

Op där anerer Säit ass d'Approche eng intersektoriell an deem Mooss, datt eng Rei vu Beruffer derbäikommen, déi an Zukunft deeneselwechte Regele wäerten ënnerworf gi wéi déi Professionell vum Secteur financier, déi duerch d'Gesetz vun 1993 schonn eng Rei vun Oplage kruten.

Am initiale Projet wollt u sech d'Regierung dovu profitéieren, fir niewent der Transpositioun vun der virdrun ugeschwatener Direktiv 2001/79/CE nach eng Rei vun zousätzleche Mesuren an eise legislative Kader opzehuelen, sou datt u sech de Projet méi wäit gaange wier wéi d'Direktiv. De Statsrot ass a sengem Avis allerdéngs der Meenung gewiescht, et sollt een hei net d'Kand mam Bued ausschëdden, well d'Auteure vum Text iwwert d'Direktiv erausgaange wieren. Dës Meenung ass dann och vun der Majoritéit vun de Membrë vun der juristescher Kommissioun gedeelt ginn, an och mir sinn zur Konklusioun komm, et sollt ee sech drop beschränke fir d'Direktiv ze transposéieren, d'ganz Direktiv, mä awer net méi wéi d'Direktiv.

Bei dësem Text geet et nämlech drëm, ze vermeiden, datt alleguerten déi Leit, déi op a mat der Bankeplaz schaffen, d'Aarbecht erschwéiert kréie mat all méiglechen administrativen Tracasserien a se derniewent och nach ze pénaliséiere fir déi geréngsten Onopmierksamkeet. Ech wäert nach am Verlaf vu menge weideren Ausféierungen op dëse wesentleche Punkt agoen.

Här President, erlaabt mer kuerz nach eng Kéier déi Haaptobligatioune vun de Professionellen op der Bankeplaz opzelëschten, déi an dësem Projet wäerte verankert ginn. Éischt Obligatioun ass déi, datt all déi Beruffer, déi hei am Text sech erëmfannen, mussen hir Clienten an Zukunft kennen. Zweetens musse si eng adequat intern Organisatioun hunn, déi hinnen erlaabt, eben dësen Obligatiounen nozekommen. An drëttens musse se mat den Autoritéiten zesummeschaffen.

All dës Obligatioune sinn net nei, well si si gréisstendeels schonn am Gesetz vum 5. Abrëll 1993 festgeschriwwen. Wat eigentlech nei ass, ass, dass elo eng Rei aner Professiounen och ënnert dëst Gesetz wäerte falen, wéi d'Expert-comptablen, d'Agent-immobilieren, d'Notairen an déi sou genannte fräischaffend juristesch Beruffer wéi d'Affekoten.

Wat heescht dat elo alles an der Praxis? Ma fir d'éischt mussen all déi Professionell an Zukunft d'Identitéit vun hire Clienten net nëmme kennen, mä och kontrolléieren, a si si gehalen, all Informatioun ze sammelen, fir de Risque vu Wäisswäsche vu Suen oder Finanzement vum Terrorismus sou wäit wéi méiglech ze reduzéieren. Betoune wëll ech, dass dës Identifikatiounsobligatioun och zielt fir all geschäftlech Transaktiounen, déi 15.000 Euro iwwerschreiden. Dës Obligatioun zielt also fir all Geschäftsleit, déi allerdéngs net mussen d'Identitéit vun hire Clientë kontrolléieren, wann hire Client eng national oder auslännesch Finanzinstitutioun ass, déi selwer ënnert dës Obligatioune falen.

Déiselwecht Professioune mussen an Zukunft och enk mat de lëtzebuergesche Justizautoritéiten zesummeschaffen, dat heescht, si mussen dem Procureur d'État all Informatiounen zoukomme loossen an ouni Opfuerderung all Aktivitéiten dénoncéieren, déi kéinten iergendwéi mat Wäisswäschen oder Finanzement vum Terrorismus ze dinn hunn. Gläichzäiteg dierfe se keng Transaktioun ausféiere wou se wëssen, dass e Verdacht besteet, dass dës Transaktioun eppes mat Wäisswäschen oder Finanzement vum Terrorismus ze di kéint hunn. Schlussendlech gesäit dësen Text eng Rei vu speziellen Dispositioune fir d'Affekoten a gewëssen aner Secteure wéi dee vun den Assurancë vir.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei net op all eenzelnen Artikel agoen, dat géif mech haut an hei vill ze vill wäit féieren. Fir d'Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Erlaabt mer awer just ganz kuerz mech mat verschiddene vun deenen Amendementer ze beschäftegen, déi d'Commission juridique ugeholl huet an déi mat zwou Ausnahmen och vum Statsrot guttgeheescht gi sinn.

Fir d'éischt wëll ech awer nach eng Kéier betounen, dass d'Kommissioun sech prinzipiell all deenen Iwwerleeunge vum Statsrot ugeschloss huet a par ailleurs och all déi Proposition-de-texten, déi de Statsrot a sengem éischten Avis formuléiert huet, och iwwerholl huet. D'Commission juridique huet awer, nodeem se an enger Rei vu mëndlechen a schrëftlechen Avisen op zousätzlech Problemer opmierksam gemaach ginn ass, nach eng Rei vun Amendementer nogeschoss, an et ass dann och op zwee vun dësen Amendementer wou de Statsrot eng Opposition formelle formuléiert huet.

Ech géif och wëlle behaapten, dass duerch all dës Amendementer deen Text, deen op enger Rei vun Dispositioune vläicht virdrun e bëssen ze vill flou war, elo méi kloer ginn ass, an als Beispill géif ech do de Paragraph 3 vum Artikel 5 uginn, deen elo e prezisen Délai vun dräi Deeg virgesäit, an deem de Parquet muss eng Instruction orale schrëftlech confirméieren. Gläichzäiteg hu mer och hei virgesinn, dass, wann dat net sollt de Fall sinn, automatesch all Effete vun där éischter Instruktioun hifälleg ginn.

Mir haten och an engem Amendement e Rekurs géint dës Instruktioune virgesinn, wou ech wëll ënnersträichen, dass et hei net ëm déi klassesch Instruktioun, sou wéi se am Code pénal festgeschriwwen ass, geet, mä ëm eng einfach Instruktioun vum Parquet, fir eng gewëssen Operatioun net auszeféieren. De Rekurs, dee mer iwwert den Amendement wollten am Text festschreiwen, ass vum Statsrot net akzeptéiert ginn, well hien der Meenung ass, dëst géif riskéieren, dee ganze Mechanismus vum Kampf géint de Blanchiment ze ënnerhielegen.

Och wann de Statsrot hei d'Suerge vun der Kommissioun deelt, huet en dach gemengt, dass een éischter sollt op de Wee goen, d'ganz Mise en oeuvre vun der Lutte géint de Blanchiment enger spezifescher onofhängeger Autoritéit unzevertrauen an net, wéi dat bis elo de Fall ass, enger Sektioun vum Parquet. Ech géif wëlle betounen, dass dëst eng allgemeng Kritik ass, déi vu ville Säiten artikuléiert ginn ass. An all dësen Avisen ass drop higewise ginn, dass de System, sou wéi en am Moment funktionéiert, eng Rei vun Déficiencen opweist an eventuell och riskéiert, zu gewëssenen Excèsen a senger praktescher Ëmsetzung ze féieren. Trotz all dëse Bedenken, déi d'Kommissioun hat, huet se décidéiert, dësen Amendement, vu d'Opposition formelle vum Statsrot, zréckzezéien.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).*- An hirer Majoritéit.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- An hirer Majoritéit, Madame Wagener.

Här President, en anere Punkt, mat deem d'Kommissioun sech wuel am längste beschäftegt huet, ass dee vun där sou genanntener Pénalisatioun vun der einfacher Negligenz vun de Professionellen aus dem Secteur gewiescht. Hei geet et drëm, dass am Originaltext déi geréngsten Onopmierksamkeet vun dëse Beruffsgruppen, déi also ënnert d'Gesetz falen, duergaange wär fir penal Schrëtt géint si ze erméiglechen.

An hei muss ech dann nach eng Kéier betounen, dass et mer schéngt, dass et eng fundamental Differenz gëtt tëschent enger Participatioun un engem Akt vu Blanchiment oder Finanzement vum Terrorismus, déi forcément intentionnelle ass, an op där anerer Säit enger Infraktioun, déi doranner besteet, ouni iergendwellech schlecht Intentioun eng Beruffsobligatioun, sou wéi se am Gesetz festgeschriwwen ass, net 100%eg respektéiert ze hunn.

Den initiale Projet hat also déi extrem Solutioun zréckbehalen, déi guer keen Ënnerscheed mécht tëschent dësen zwou Kategorien an déi eigentlech all Professioneller kriminaliséiert hätt, déi bewosst oder onbewosst géint iergendwéi eng vun deenen am Projet de loi festgeschriwwenen Obligatioune verstouss hätten. Dës Approche, déi sécherlech de Mérite vun der

Einfachheet an der Uniformitéit gehat hätt, ass awer unanimement kritiséiert ginn an deene verschiddenen Avisen, déi zu dësem Projet erakomm sinn. Op där enger Säit fir d'alleréischt wéinst deem héijen Taux vun der Amende, deen da jo och vun der Kommissioun op säin aktuellen Niveau zréckgefouert ginn ass, an op där anerer Säit wéinst där virdrun ugeschwatener Pénalisatioun vun der Negligenz.

De System vum Kampf géint de Blanchiment a géint de Finanzement vum Terrorismus kann nämlech, an dat ass och d'Argumentatioun vun der Commission juridique gewiescht, nëmme funktionéieren, wann et hei zu enger éierlecher an effikasser Zesummenaarbecht tëschent op där enger Säit de Justizautoritéiten an op där anerer Säit deene Professionellen, déi op der Banken- a Finanzplaz schaffen, kënnt. Sou eng Zesummenaarbecht kann awer nëmme funktionéieren, wann déi Leit, déi jo sollen all verdächtege Fait dénoncéieren, net selwer riskéieren, heifir herno kriminaliséiert ze ginn an zu enger substanzieller Amende pénale verdonnert ze ginn, respektiv souguer sech herno an engem Casier judiciaire erëmzefannen.

Sou eng Iwwerpénalisatioun hätt dozou gefouert, dass all Professioneller sech et dräimol iwwerluecht hätten, ier se eng Dénonciatioun gemaach hätten, well ee jo selwer hätt misse befäerten, matverantwortlech gemaach ze gi fir déi geréngsten Onopmierksamkeet, déi een am Exercice vu senge professionellen Aktivitéite begaangen hätt. Et muss een ëmmer erëm betounen, dass esou eng Pénalisatioun vun der einfacher Négligence iwwerhaapt guer net an der Direktiv virgesinn ass, an dass mir also hei wäit iwwert dat Zil erausgeschoss hätten.

Och an eisen Nopeschlänner gëtt dëse Comportement an deene meeschte Fäll net penal sanktionéiert, mä nëmme mat administrative Sanktiounen, Sanktiounen, déi och mir hei kennen, sief dat iwwert d'CSSF, déi eng strikt Kontroll op all déi Professionell aus dem Bankesecteur ausübt an déi och net zéckt fir esou administrativ Sanktiounen auszeschwätzen. Datselwecht gëllt och fir all déi concernéiert Beruffer, déi iwwer hire Conseil de l'ordre och zu administrative Sanktioune kënne verurteelt ginn, wa se sech dann net un déi Obligatiounen halen, déi an dësem oder och an aneren Texter stinn.

Et ass also net esou, dass hei an Zukunft elo d'Negligenz net méi géif bestrooft ginn, au contraire, si gëtt weider bestrooft, mä si gëtt administrativ bestrooft, wat och no der Meenung vun der Majoritéit vun der Kommissioun méi sënnvoll ass wéi an Zukunft all Responsabele vun enger Bank, all Expertcomptable, Réviseur, Affekot, Notaire, Geschäftsmann scho wéinst där geréngster Onopmierksamkeet op deeselwechte strofrechtleche Plang ze setze wéi Leit, déi sech kriminellen Aktivitéiten higinn. Ech wëll dann och direkt betounen, dass, nodeem d'Commission juridique zu dësem Punkt en Amendement virgeschloen huet, d'Regierung och direkt bereet war, dësen Amendement mat ze iwwerhuelen an och hiren Accord dozou ginn huet.

Här President, d'Commission juridique mengt och net, dass dëst e Schrëtt no hanne wär, wéi mir och net der Meenung sinn, dass et e Schrëtt no hannen ass fir Prisongsstrofen, déi am initialen Text virgesi waren, erëm erauszehuelen. Am Géigendeel, déi Approche, déi mir hei gewielt hunn, ass an der Linn vun enger Législatioun, déi op där enger Säit wëllt méiglechst effizient de Kampf géint all Zorte vu Kriminalitéit ënnerstëtzen, an op där anerer Säit awer och d'Graduatioun vun de Strofe respektéiert, déi ëmmer nach mussen der Gravitéit vun deene verschiddene Comportementer Rechnung droen.

Aus all dëse Grënn hu mir eis dann och iwwert déi Opposition formelle vum Statsrot ewechgesat. Wa mir dat maachen, ass dat net eng liichtfankeg Décisioun. Mir sinn eis bewosst, dass dëst net eng alldeeglech Démarche ass, dass d'Chamber sech iwwer eng Opposition formelle vum Statsrot ewechsetzt an domadder riskéiert, d'Dispens vum zweete constitutionnellë Vote refuséiert ze kréien. Wa mer dat dann awer maachen, ass et well mer d'Gefill hunn, dass de Statsrot eigentlech déi Suergen, déi eis an der Kommissioun beweegt hunn, an och déi Argumenter, déi mir soulevéiert hu géint déi Pénalisatioun, deelt.

De Statsrot an d'Commission juridique si sech eigentlech iwwert d'Prinzipien eens. Do wou mer en désaccord sinn, ass wéi mer sollten aus dëser e bëssen onglécklecher Situatioun erauskommen. De Statsrot hätt léiwer gesinn, dass mer elo emol dëst Gesetz ouni deen Amendement gestëmmt hätten an eis dann duerno nach eng Kéier mat der Problematik befaasst hätten, fir da vläicht zu engem spéideren Zäitpunkt e méi affinéierten Text zréckzebehalen.

De Statsrot huet och gefäert, dass mer duerch dësen Amendement kéinten no baussen de Message ginn, dass an Zukunft den net Respekt vun de professionellen Obligatiounen a sech géif stroffräi bleiwen. Ech mengen, an ech hunn et virdrun hei gesot, dass deem awer manifestement net esou ass, well wéi bis elo déi concernéiert Professioune weider riskéieren, fir déi geréngsten Onopmierksamkeet zu administrative Sanktioune veruerteelt ze ginn.

Mir hätten och léiwer an der Commission juridique eis nach e bëssselche méi Zäit gelooss, fir vläicht nach e besseren Text auszeschaffen. Allerdéngs wär dann d'Alternativ dozou gewiescht, dass mer dësen Text sécherlech net méi an där aktueller Legislatur gestëmmt hätten an dass dann zumindest virum Oktober oder November déi nei Chamber dës Direktiv sécherlech net transposéiert hätt. An dëst, Dir Dammen an Dir Hären, wär wesentlech méi grave fir d'Reputatioun vun eiser Finanz- a Bankeplaz gewiescht wéi déi Situatioun, an där mer elo sinn, nämlech dass mer en Text stëmmen, a wann de Statsrot da seng Opposition formelle géif bäibehalen, déi nei Chamber eventuell eng zweete Kéier am Oktober oder am November e Vote misst iwwert dësen Text huelen.

Ech géif och nach ëmmer wëllen d'Hoffnung äusseren, dass de Statsrot sech nach eng Kéier intensiv mat eiser Argumentatioun befaasst a vläicht dann och op seng Opposition formelle renoncéiert, well et effektiv, an ech mengen do si sécherlech all meng Kolleeginnen a Kolleegen an der Kommissioun mat mir averstanen, ni glécklech ass, wann ee besonnesch op esou engem sensibelen Domän wéi dem Blanchiment keng Dispens vum zweete Vote constitutionnel kritt.

Dëst gesot, Här President, kommen ech och domadder schonn zu menger Konklusioun. Dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, wäert e weidere wichtege Meilesteen am Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen a géint den Terrorismus sinn. All déi Professionell, déi op a mat der Bankeplaz schaffen, kréie streng Oplagen, déi se mussen erfëllen an déi sécherlech och dozou féieren, dass d'Zesummenaarbecht tëschent de Justizautoritéiten an all deene Professioune méi enk an duerchaus méi effizient gëtt.

Allerdéngs wëll ech hei nach eng Kéier déi Iddi opgräife vun enger spezifescher, onofhängeger Autoritéit, déi vläicht besser an och méi outilléiert wär, fir eng effikass Kontroll vun deem ganze Finanzsecteur auszeübe wéi deen aktuelle Parquet économique.

Dëst gesot, fannen ech, dass den Text, dee mer haut stëmmen, e gudden Equiliber duerstellt tëschent op där enger Säit der absoluter Prioritéit fir mat alle Mëttelen d'Wäisswäsche vu Suen an den Terrorismus ze bekämpfen, an op där anerer Säit dem Respekt vun de Grondrechter a vun all deene Beruffsgruppen, déi op der Finanzplaz am Interessi vun hire Clientë schaffen. Dofir géif ech dann och hoffen, dass dëse Projet eng méiglechst breet Zoustëmmung an dësem Haus fënnt.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Patrick Santer *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Laurent Mosar, merci soe fir säin excellente schréftlechen a mëndleche Rapport. Et war beileiwe keng einfach Aarbecht an dëser technescher Matière, a mir hunn an der Kommissioun all Detailaspekt vum Projet analyséiert, wat zu e sëllechen Amendementer gefouert huet, déi, wéi de Rapporteur herno beschriwwen huet, net ëmmer d'Gonscht vum Statsrot fonnt hunn.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Här President, den Här Rapporteur huet déi wesentlech Bestëmmunge vum Projet de loi erläutert, an zwar d'Noutwendegkeet fir déi Beruffer, déi ënnert de Projet de loi falen, fir hir Clienten ze kennen, fir eng adequat intern Organisatioun ze hunn a fir mat den Autoritéiten ze kollaboréieren. Ech wäert mech dofir op méi fundamental Remarquë beschränken.

Eng vun deenen negative Konsequenze vun der ëmmer méi wäit räichender Globaliséierung vun der Wirtschaft ass d'Wäisswäsche vu Gelder, déi aus kriminellen Aktivitéite stamen. Well d'Wäisswäscher ëmmer méi komplex finanziell Strukture benotzen, fir hirer krimineller Aktivitéit nozegoen, a well et esou ëmmer méi schwéier gëtt, fir déi verschidde Finanzcircuiten nozeverfollegen, muss de Kampf géint d'Wäisswäschen op déi international Kooperatioun opbauen.

Säit enger Recommandatioun vum Conseil de l'Europe vum 27. Juni 1980, déi eng gewëssen Unzuel vu Verhalensregelen dem Finanzsecteur virgeschriwwen huet, huet sech an deene leschte Joren d'Zuel vun de Regelen, déi déi verschidde Forme vu Blanchiment bestrofen, geheeft. De Statsrot huet och zu Recht diesbezüglech geschriwwen, dass wéineg Branchë vum Droit esou eng séier Evolutioun matgemaach hu wéi d'Regelen, déi de Blanchiment betreffen.

Et däerf ee sech awer net nëmmen op d'branchenintern Verhalenskodexe verloossen, et muss een och fest akloerbar Regele festleeën. Duerch e Gesetz vum 7. Juli 1989 hu mer fir d'éischte Kéier zu Lëtzebuerg d'Wäisswäschen als eegestänneg Strofdot an eisem Droit positif ënner Strof gestallt. No an no ass de Blanchiment, deen am Ufank nëmmen op Drogegelder limitéiert war, op aner Strofdoten ausgeweit ginn. Ech wëll awer hei kloer an däitlech soen, dass, och wann de Blanchiment separat an individuell bestrooft gëtt, et awer noutwendeg ass, dass d'Fongen, déi wäissgewäsch ginn, aus enger krimineller Aktivitéit stamen. Dat eent geet net ouni dat anert, wat heiansdo, souguer zimlech dacks vergiess gëtt.

Duerch d'Gesetz vum 11. August 1998 hu mer scho wesentlech Bestëmmunge vun der Direktiv 2001/97, déi mer am heitege Gesetzesprojet ëmsetzen, an eiser Gesetzgebung festgehalen. Eis Gesetzgebung huet also Bestëmmungen enthalen, déi zwielef Joer méi spéit um europäesche Plang ugeholl gi sinn. Dee laange Wee, dee mer a kuerzer Zäit zréckgeluecht hunn, soll eis awer net dovunner ewechhalen, de Blanchiment als eng vun den Haaptprioritéiten an der Kriminalitéitsbekämpfung unzegesinn, an dat souwuel um nationale wéi och um europäeschen oder internationale Plang.

Dobäi kënnt, dass de Kampf géint den Terrorismus eng nei Aart vu Mëssbrauch vu Finanzplazen an de Vierdergrond gestallt huet, an zwar d'Schwaarzwäsche vu Gelder. Beim Blanchiment ginn illegal Fongen, well se aus enger illegaler Aktivitéit stamen, wäissgewäsch, andeems gemaach gëtt wéi wa se eng legal a legitim Hierkunft hätten. Beim Finanzéiere vun terroristeschen Aktivitéite gi legal erwirtschaft Fonge fir illegal Zwecker, dat heescht d'Finanzéierung vun terroristeschen Aktivitéiten, benotzt. Wéi ech schonn a mengem Rapport zum Gesetz, an deem mer den Terrorismus als Strofdot an eise Code pénal agefouert hunn, gesot hunn, ass d'Schwaarzwäschen nach méi schwéier ze entdecke wéi d'Wäisswäschen, well et sech hei am Fong geholl ëm legal Gelder handelt.

Här President, d'Wäisswäsche wéi d'Schwaarzwäschen hunn e wonne Punkt, an zwar si mussen op déi eng oder déi aner Manéier e Circuit financier benotzen. De fréieren Direkter vum Fonds monétaire international, de Michel Camdessus, huet et op de Punkt bruecht. Ech zitéieren: «Il est urgent de combattre le blanchiment en s'attaquant aux activités criminelles là où elles sont le plus vulnérables, c'est-à-dire au moment où cet argent mal acquis entre dans le circuit financier.» Hei sinn also eis Finanzplaz an all Acteur vun dërselwechter speziell gefuerdert. Dës Acteure sinn och gefuerdert fir mat Determinatioun am Kampf géint all Zorte vu Mëssbräich virzegoen.

Et geet ëm den Image an doriwwer eraus ëm d'Zukunft vun eiser Finanzplaz. Nëmmen eng propper Finanzplaz wéi déi, déi mer hunn, ka sech an Europa behaapten. Well ganz dacks aus Näid oder Intérêt eis Finanzplaz als en Hafe fir all méiglech Krimineller duergestallt gëtt, muss een eisen Image opbesseren. D'Bankgeheimnis dierf een net mat kriminellen Aktivitéite verwiesselen. D'Bankgeheimnis ass keen Ophänkert fir Blanchiment. Mir hunn d'Bankgeheimnis a mir hunn eng propper Finanzplaz. Dat kënnen net all Finanzplazen op dëser Welt soen, mir kënnen dat.

Et bleift awer, datt mir eis, fir elo nëmme bei der Finanzplaz ze bleiwen, strikt Regele ginn hu wat de Blanchiment ugeet. Am Gesetz vun 1993 iwwert de Secteur financier sti scho wichteg Regelen, déi sech och an dësem Projet erëmfannen, an déi den IML deeemools, den CSSF elo, déi iwwer Circulaire preziséiert gi sinn. D'Acteure vun der Finanzplaz hale sech drun, an déi, déi et net maachen, riskéierere potenziell Sanktiounen, déi elo och regelméisseg ugewannt ginn.

Dofir nach eng Kéier kommen ech zu engem Grondprinzip, deen dëse Projet inspiréiert huet. D'Kooperatioun, nach méi wéi eng repressiv Attitüd ass noutwendeg, fir géint d'Wäiss- a Schwaarzwäsche virzegoen. Dofir soll een net all déi Beruffer, déi elo ënnert de Projet de loi falen, als présuméiert Wäisswäscher duerstellen. Et kann net sinn, well si mat Geld handelen, datt déi Beruffer, déi elo am Projet de loi viséiert sinn, dofir enger Gefor vu Blanchiment ausgesat ginn, se direkt als Täter oder Kompliz anzestufen. Eng Kooperatioun soll ugepeilt ginn, keng Repressioun.

Et muss een nämlech wëssen, datt déi Obligatiounen, déi iwwert dëse Projet de loi festgeschriwwe ginn, nëmmen Obligations de moyens sinn, a keng Obligations de résultat. De Professionnel du secteur financier kann heiansdo a ganz quokeleg Situatioune kommen, wann en e Soupçon iwwer e Client oder eng Operatioun huet, muss e sech d'Fro stelle wat e soll maachen, wéi sécher dee Soupçon ass, well wann en e Client bei de Justizautoritéiten dénoncéiert, sech awer duerno erausstellt, datt dëse Client onschëlleg war, kënnt e jo seng Responsabilitéit op d'Spill setzen. D'CSSF hat jo schonn am November 2002 de Problem erkannt an an engem Circulaire mam Titel «Précision sur l'obligation de déclaration en matière de lutte contre le blanchiment et sur les obligations d'infractions primaires, qui peuvent donner lieu au délit de blanchiment» dat heite geschriwwen: «En cas de déclaration intempestive, il risque que son client lui reproche d'abord de violer son obligation au secret professionnel. Il s'expose par contre à des poursuites pénales, lorsqu'il s'abstient de déclarer, dans l'hypothèse visée à l'article 40 paragraphe 2», vum Gesetz vun 1993.

Dofir hu mer och am Artikel 5, am véierte Paragraph, festgehalen, datt am Fall vun enger Dénonciatioun, oder Divulgation de bonne foi, keng Violatioun vun iergendengem Secret professionnel stattfënnt an et zu kenger Responsabilitéit féiere kann.

Och wann et net kloer am Text steet, spillt et hei keng Roll, ob déi Dénonciatioun um Parquet iergendwéi strofrechtlech Folge kritt huet oder einfach klasséiert gouf. Et geet duer, datt d'Divulgatioun de bonne foi gemaach ginn ass, an dofir muss de Professionelle wëssen, an all déi aner Beruffer, déi ënnert dëst Gesetz falen, wéini se eng Informatioun mussen un d'Autoritéite weiderginn.

Et muss een hei ganz kloer den Ënnerscheed maachen tëschent engem Indice de blanchiment an engem Soupçon de blanchiment. Nëmmen en Indice de blanchiment, wéi dat och am Gesetz am Artikel 5 festgehalen ass, nëmme wann en Indice de blanchiment virläit, muss eng Dénonciatioun stattfannen. En dacks subjektive Soupçon vu Wäisswäsche geet net duer. Bei esou engem Soupçon muss dee jeeweilege Professionellen all déi néideg Informatiounen iwwert de Client, respektiv iwwert déi Operatioun sammelen, fir datt e seng Meenung bilde kann, ob en Indice vu Blanchiment virläit, fir datt en dann un déi respektiv Autoritéite kann dénoncéieren.

Also nach eng Kéier ganz kloer, mir hunn am Gesetz geschriwwen, en Indice de blanchiment, a kee Soupçon. Et muss een heiansdo e puermol soen, well et sinn nach ëmmer Leit, déi en Indice mat Soupçon verwiesselen.

Schlussendlech, fir mam Finanzsecteur ofzeschléissen, hu mer eis an der Kommissioun och d'Fro gestallt, ob d'Bestëmmunge vum Projet de loi iwwerhaapt nach op dëser Finanzplaz ëmsetzbar wären. Dofir hu mir och schlussendlech d'Sicaren an d'Véhicules de titrisation aus dem Champ d'application vum Projet erausgeholl. Mir haten et am Ufank gutt gemengt, well mer an der Kommissioun entscheet haten, fir déi zwee Instrumenter, Sicaren a Véhicules de titrisation, an de Projet de loi bäizefügen. Mir hunn eis duerno awer soen a bestätege gelooss, datt d'Uwendung vum Projet de loi op dës zwee Instrumenter, déi zwou absolut géif applicabel maachen. Mä mir hunn awer dowéinst nach ëmmer keng Incitatioun fir de Blanchiment gemaach, well esouwuel bei de Sicare wéi bei der Titrisatioun op déi eng oder aner Manéier e Professionnel du secteur financier, deem Antiblanchimentsbestëmmungen operleien, intervenéiert. D'Titrisatioun geet dacks

vun enger Bank aus. Dat huet lech mäi Kolleeg Norbert Haupert gesot a sengem mëndleche Bericht iwwert d'Titrisatioun, a bei de Sicaren, dat wësst Der, muss d'Garde vun den Aktive vun enger Bank duerchgefouert ginn.

Här President, datt de Kampf géint d'Wäisswäschen net nëmmen op d'Acteure vun der Finanzplaz muss limitéiert sinn, mä och op aner Beruffer muss ausgeweit ginn, versteet sech. Et muss een awer och hei bei deenen anere Beruffer dem spezifesche Charakter vun deene Beruffer, vum Exercice vun deene Beruffer Rechnung droen. Besonnesch ass dat bei Affekoten de Fall, well do eng ganz speziell Relatioun tëschent dem Affekot a sengem Client kënnt.

Mir hunn awer an dësem Projet an an der Direktiv déi Dispositiounen, déi d'speziell Relatioun tëschent engem Affekot a sengem Client respektéiert, awer ouni d'Effikassitéit vun der Lutte contre le blanchiment op iergendeng Aart a Weis limitéiert.

Här President, dëse Projet de loi ass en équilibréierten Text, op d'Kooperatioun vun allen, mat de Justizautoritéiten ass de Projet opgebaut ginn, anstatt nëmmen u Repressioun ze denken. Repressioun, do virzegesinn, wou et néideg ass, ass och wichteg. Mä d'Rechter an d'Flichte vun den ugepeilte Beruffer mussen och berücksichtegt ginn. Mir hunn et mat engem équilibréierten Text ze dinn, hunn ech scho gesot, a grad dësen Equiliber wäert et zu engem effikasse Gesetz maachen, fir datt eis Finanzplaz weider an der Welt den heitege Charakter vu Standard a Seriositéit ka bäibehalen.

Ech géif lech also matdeelen, datt d'CSV mat grousser Freed dëse Projet, esou wéi en an der Kommissioun amendéiert an ugeholl ginn ass, wäert stëmmen, an ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Jeannot Krecké agedroen. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Här President, ech sinn lech dankbar, datt ech d'Wuert kréien. Jo, well hei weess een et nämlech net. Hei kritt een d'Wuert ewechgeholl a sou weider.

M. le Président.- Här Krecké, wann Der lech un d'Spillregelen haalt, da behaalt Der och d'Wuert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Ech hunn e Statsminister kannt, deen huet gesot, d'Politik ass kee Spill, dofir schwätzt net vu Spillregelen, Här President, bei allem Respekt.

Mäi Virriedner huet gesot, eis Finanzplaz ass propper. Ech drécken et a Form vun enger Hoffnung aus, Här Santer, an ech si méi berouegt, wa mer hei e proppert Gesetz solle maachen, dat dofir suergt, datt déi Finanzplaz propper ass.

Dir hutt hei savant Ënnerscheeder probéiert ze maachen, tëschent Indiz a Soupçon. Dat solle Juristen och dierfe maachen, mä d'Bekämpfe vu Geldwäschen, Finanzéierung vun Terrorismus, soll eng Hoffnung bleiwen, datt et bei eis net passéiert. Datt et net esou ass, dofir géing ech meng Hand net ëmmer an d'Feier leeën, a soss bräichte mir kee Gesetz ze maachen. A wa mer e Gesetz maachen, dann ass et fir enger méiglecher Dérive, déi emol eenzel Leit kënnt befalen, vläicht virzegräifen. An dobäi missten u sech déi responsabel Acteure vun der Finanzplaz an all Acteuren, déi ronderëm sinn, am Fong geholl selwer, wat ech nennen, „faire le ménage", well déi Finanzplaz lieft vun engem gewëssene Vertrauensverhältnis wat se muss opbauen, net nëmmen zu hire Clienten, mä och no baussen. An dofir sinn d'Titelen an der Press fir eis net gutt, wa se eis an iergendenger vun deenen Affäre géingen en Haapttitel an enger Finanzzeitung abréngen. Dat muss jidderee wëssen, an dat misst jidderee virun Aen hunn.

Déi responsabel Haltung huet a mengen Ae ganz vill Leit hei, huet awer net jiddereen. Mir hu Beispiller, wou dat net de Fall ass, an dofir ass et gutt, datt mer eis Gesetzgebung lues a lues dahingehend ëmänneren, dass déi Leit déi mengen, si kéinte schnell Geld verdéngen, doduerch dass se Saache maachen, déi an eisen Aen net erlaabt sinn, och zur Rechenschaft gezu ginn.

Ech behaapten, wéi gesot, dass dee ganze Secteur et misst selwer maachen. Mä de ganze Secteur ass och net capabel, dat esou ze iwwerwaachen an all Schof an der Perch ze halen, déi vläicht wëllen ausbriechen.

Ganz sécherlech sinn hei iwwert dat Gesetz Verbesserungen dahingehend erakomm, dass et méi kloer ginn ass, wat ech dierf a wat ech net dierf. Mir hunn och selwer plädéiert, dass mir d'Direktiv, déi vu Bréissel komm ass, sou ëmsetzen, wéi se virgesinn ass, an net driwwer eraus schléissen, fir dass mir de Virworf net gemaach kréien, mir géingen iwwerdreiwen, mä mir sollen dat ëmsetzen, wat virgesinn ass.

Ech hunn awer eenzel Bedenke gehat, wann ech gesinn hu wéi mir operéiert hunn, wat eenzel Professionnels du secteur als Solches ubelaangt. Mir hu sécherlech eng Rei Verbesserunge duerch deenen hir Meenungen an duerch deenen hir Avisë kënnen abauen a mir sinn op d'Saachen opmierksam gemaach ginn. Mä ech hat zwee komesch Gefiller:

Éischtens, dass mir heiansdo zum Deel ad hominem Argumenter gefouert hunn, wat deen een oder anere Magistrat betrëfft, deen am Moment en place ass. Et hat een d'Impressioun, dass oft eenzel Virgehensaart a -weisen, déi zweifelhaft sinn - si hu sech op alle Fall op eenzelne Punkten als zweifelhaft erausgestallt -, eis e bësse guidéiert hunn an deem wat mir gemaach hunn. Dat ass ni eng gutt Virgehensaart- a Weis, mä ech gestinn awer gären an, dass et schwéier war, wéi soll ech soen, där Tentatioun do net ze erleeën.

Dat zweet war, dass déi gutt Aarbecht, déi mir ugefaangen hunn an där Kommissioun ze maachen, awer op eemol gelidden huet, duerch ganz staark Influenz, déi menger Meenung no awer vu baussen op déi Kommissioun gewiirkt huet - heiansdo zu Recht, heiansdo, hat ech d'Impressioun, manner zu Recht.

Mir hunn och mat Momenter Ëmänerungen am Text virgeholl, déi mir och nach wie vor net richteg aliichten. Elo kann et sinn, dass mir als net Jurist an als net Affekot vläicht praktesch Elementer feelen, fir eenzel Appréciatioun, déi do ervirbruecht gi sinn, à sa juste valeur anzeschätzen. Mä ech hat d'Impressioun, dass mir eenzelne Gruppéierunge méi liicht nogelauschtert hunn a méi liicht probéiert hunn entgéint ze kommen, och wann ech fonnt hunn, dass aneren, wann ech d'Affekote vergläiche mat den Expert-comptabelen an och mat de Réviseurs d'entreprise, bei allem Respekt fir déi Leit, déi probéiert hu mech ze iwwerzeegen, dass dat riseg Ënnerscheeder wären, muss ech lech soen, bei deene spezifesche Punkten, déi mir gekuckt hunn, ech déi Ënnerscheeder net ëmmer an deem Mooss gesinn hunn, well et all Kéiers sech ëm Clienten handelt, well een all Kéiers dee Client beréit, well een all Kéiers dee Client och verdeedegt, inklusiv virun dem Tribunal fiscal, wou een eben eng ganz Rei Elementer huet, déi ganz parallel lafen, a well een och an anere Beruffer en Ordre huet, deen e Rôle spillt, deen en eben ze spillen huet.

Hei huet - op alle Fall géint meng perséinlech Ënnerstëtzung - de Bâtonnier e Rôle krut, deen a mengen Ae wäit iwwert dat eraus steet, wat ech fannen, wat e vis-à-vis vun deenen aneren Ordren als Rôle ze spillen huet.

(Interruption)

Ech weess, all Affekot ass anerer Meenung, dofir, Här Bettel, Dir braucht lech guer keng Méi ze ginn, Dir hutt mir dat dote schonn zéngmol gesot, ech bleiwen einfach anerer Meenung. Ech kommen net aus deem Fach an hu vläicht do e bësse méi eng neutral Aart a Weis un de Problem erunzekomme wéi Dir, déi permanent ënnertenaner a matenaner ze dinn hutt, kann ech vläicht e bësse méi objektiv driwwer kucken. Ech hu kee Problem domadder a kann lech soen, dass eis Fraktioun dat heiten an hirer grousser Majoritéit wäert stëmmen, mä et sinn awer eng Rei Leit, déi hu Bedenken. Ech soen lech: Et sinn eng Rei Leit, déi hu Bedenken iwwert d'Aart a Weis wéi mir hei virginn, iwwert d'Aart a Weis wéi mir eenzelne Pressiounen noginn hunn an iwwert den Zweifel, deen trotzdeem bei där gudder Aarbecht bliwwen ass, wou mir eis zum Schluss iwwert d'Opposition formelle vum Statsrot ewech setzen.

Firwat ass eis Fraktioun trotzdeem d'accord, fir et an hirer grousser Majoritéit ze ënnerstëtzen? Well mir eis bewosst sinn, dass et besser ass e Gesetz, wat vläicht net genau esou ausgeriicht ass, wéi mir eis et virstellen, wéi keent; dass et besser ass. Domat ass eng Pressioun op de ganze Secteur trotzdeem, wéi déi déi eventuell der Tentatioun kéinten erleeën, mol eng Kéier vum Wee ofzeweichen, an dass et besser ass, mir setzen elo eppes en place a mir weisen och no baussen - well hei geet et och e bësse no baussen ze weisen -, dass mir keen Zweifel wëllen opkomme loossen. A wa mir vläicht elo sechs Méint oder aacht Méint „Zäit verluer hätten" an no bausse gewisen hätten, dass mir net hätte wëllen eppes ëmsetzen, eng Direktiv déi noutwendeg ass, dann hätte mir dobausse liicht kënnen d'Meenung opkomme loossen, mir wëllten dat einfach net, an dofir kënne mir och hei matmaachen.

Mä ech mengen, Här President, et wär gutt, wa mir e kritesche Bléck géinge weider op déi praktesch Ausféierung vun dësem Gesetz werfen. Déi administrativ Strofen, vun deenen de Rapporteur geschwat huet an déi ganz zum Schluss vun der Diskussioun am Fong geholl opkomm sinn, weess ech an hirer Auswierkung, an hirer Effikassitéit am Moment net anzeschätzen, dat iwwersteigt mäin Aschätzungsvermögen vun den eenzelnen Termen, déi reng Juristereiterme sinn, ob een do muss sciemment draschreiwen oder net, fir dass et zu engem Resultat kënnt.

Do gi jo och d'Meenunge bei de Juristen ausernaner, wat mech ëmmer erëm eng Kéier berouegt, dass et och bei hinnen net eng exakt Wëssenschaft ass, an ech mengen dofir misst ee mat engem kritesche Bléck op déi praktesch Auswierkunge kucken a virun allem, wéi gesot, wat dann elo vun administrative Strofe bei Négligencen ausgeschwat gëtt.

An dofir wär et gutt, wann déi nächst Chamber vläicht an een, zwee Joer eng Kéier géing réckbléckend kucken, wéi d'Auswierkung war, souwuel um penale wéi um administrativen, an der Hoffnung, dass dat Gesetz no bausse wëllt vermëttelen an och da vermëttelt, dass mir wëllen, dass eis Finanzplaz an déi Acteuren, déi do sinn, eng anstänneg Aarbecht maachen an, wéi gesot, sech net op Niewewee ër beginn. Dass mer besser hunn, mir hunn e repressiivt Instrument, wat hannendrun ass, an der Hoffnung, dass mir et sou mann wéi méiglech brauchen unzewennen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Krecké. Als nächste Riedner géif ech den honorabelen Här Bettel eropbieden. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Mosar, merci soe fir säi schrëftlechen a fir säi mëndleche Rapport a virun allem fir déi grouss Ecoute, déi hien als President an de Membere vun der Kommissioun bewisen huet…

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- …ass vläicht eng Schwächt.

Une voix.- Dat ass keng Schwächt, Här Krecké, wann een nolauschtert.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Dat kann awer eng Schwächt sinn.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- …an deem mir jo awer fäerdeg bruecht hunn, den Text…

(Interruptions)

Ech si ganz paff, d'Sozialiste si ganz onroueg, ech verstinn, déi eng enthale sech an der Kommissioun, déi eng stëmmen dogéint an elo stëmme se dofir, op jidde Fall hu se awer den Text elo richteg gelies a fonnt, dass et awer an déi richteg Richtung geet, fir en ze ënnerstëtzen.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Oh, Här Bettel, et misst ee bal hoffen, dass dat do Är lescht Ried ass. Nodeem wat Der do erzielt hutt, misst een dat bal hoffen.

Une voix.- Dir hätt dat elo net däerfe soen.

Une autre voix.- Mir däerfen d'Wourecht net méi soen.

M. Jeannot Krecké *(LSAP)*.- Du däerfs d'Wourecht soen, mä du muss se awer net…

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also loosst de Riedner dach schwätzen an ënnerbriecht en net dauernd.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Wann ech den Alter esou kucken, da muss ech soen, dass den Här Bettel méi eng grouss Zukunft huet wéi Dir.

(Hilarité et interruptions diverses)

M. le Président.- Sou, Här Bettel, da fuert elo duer.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Op jidde Fall biologesch eng méi laang, hoffen ech.

Här President, wéi et schonn hei gesot ginn ass vu menge Virriedner, wäert ech net drop insistéieren, et si jo verschidde Leit, déi de Projet de loi presentéiert hunn. Et stoung an der Zeitung, dat wär nees eppes, wat der Bankeplaz hei zu Lëtzebuerg géif schueden etc. an etc., wat ganz falsch ass. Au contraire, den Text ass geduecht fir méi Sécuritéit a fir géint de Blanchiment a géint den Terrorismus ze kämpfen.

Et muss een adaptéiert Texter hunn, well d'Leit, déi de Blanchiment maachen an am Terrorismus schaffen, och ëmmer méi Filoue sinn an och ëmmer méi d'Lacune fannen, wéi ee kéint justement de Blanchiment maachen. An dofir ass et och wichteg fir e ganzen Arsenal ze hunn, an eng Responsabilisatioun vun deene Leit, déi justement am Finanzsecteur schaffen, oder op jidde Fall déi Enumératioun vun deene Lëschte vun de Professiounen, déi drënner falen, hei kloerzestellen.

Ech wëll elo just op verschidde Punkten hiweisen, déi fir mech a fir d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei ganz wichteg waren, an erlaabt mir just och nach de Conseil d'État ze zitéieren, dee sot: «…il faut éviter des „dérives s'apparentant à la chasse aux sorcières et conduisant d'ailleurs à une inefficacité totale de tout contrôle, qui sont par définition faits pour détecter des dysfonctionnements exceptionnels, en arrivant à l'implosion systématique".» Dat ass net den Zweck vun der Saach.

Elo um Text selwer, firwat ech déi puer Amendementer, déi mir gemaach hunn, wichteg fonnt hunn, ass, mir haten am Text drastoen, dass de Parquet, wann en en Affekot géif informéieren oder eng aner Persoun géif informéieren, op jidde Fall „rapidement" misst dat schrëftlech eraginn. „Rapidement" ass juristesch zimlech large, wann ee weess, dass en Affekot ganz strikt Délaien huet fir Nullitéiten. Dat muss bannent esou vill Stonne gemaach ginn, also sou vill Deeg, do si se mat den Délaie ganz streng, mä wann een hei gekuckt huet, da war dat guer keen Délai fixe. Dofir sinn ech ganz frou, dass elo dans les trois jours eng Confirmation écrite muss gemaach ginn, a soss op jidde Fall da gesot gëtt, dass déi Prozedur net drënner fält.

Ech fannen et schued - den Här Mosar huet et scho virdru gesot -, dass mer elo iwwert d'Opposition formelle vum Conseil d'État ginn - op de Punkt vum „sciemment" wäert ech nees hikommen -, mä dat mam Recours, wou mir och der Opposition formelle awer noginn, fannen ech et schued, well fir mech ass et wichteg, dass de Justiciabel ëmmer eng Méiglechkeet huet e Recours ze hunn. Ech hat dem Här Mosar et och an der Kommissioun gesot, wann ech gewousst hätt, dass mir iwwert déi zweet Opposition formelle géifen ewechgoen, dann hätte mir och kënne roueg iwwert déi éischt goen, well fir mech e Grondprinzip ass, dass jiddfereen dierf e Recours hu géint eng Décisioun vun engem Magistrat.

(Interruption)

Jo, mir musse souwisou jo nach en zweeten Text kréien, ech si ganz averstanen.

(Interruption)

Jo, ech weess, et kann een et nach ëmmer verbesseren, a wéi gesot, fir mech ass et awer ganz wichteg. Et ass eng Prinzipiesaach. Et ass deeselwechten Text, also et ass eng selwecht Dispositioun am Text iwwert den Témoinage anonyme, deen déposéiert gi war, dee jo nach net hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, mä wou och lauter Décisioune vun engem Untersuchungsriichter kënne geholl ginn, wou kee Recours vun engem Affekot ka gemaach ginn. Ech fannen et net richteg, fir mech muss all Décisioun e méiglechen Appel no sech zéie kënnen, oder op jidde Fall dass een ee Recours kéint huelen. Fir mech ass dat e Grondprinzip, an dofir sinn ech e bësse enttäuscht, dass dat net hei dra war. Mä bon, wéi gesot, d'Opposition formelle vum Conseil d'État huet eis dat net erméiglecht.

Ech sinn och ganz frou selbstverständlech, dass d'Consultation juridique net drënner fält. Dat heescht, dass den éischte Kontakt mat engem Affekot net drënner fält, well soss hätte mir de Problem vum Secret professionnel, deen hei wierklech ébranléiert gi wär.

Ech deelen d'Meenung vum Här Krecké net, dass e kritiséiert, dass d'Affekote bei hire Bâtonnier ginn an dass se net solle bei de Parquet goen. Ech mengen de Bâtonnier ass eise gewieltene Vertrieder, vun

den Affekoten, an et ass d'Kontaktpersoun op jidde Fall, déi d'Affekote representéiert. Dofir fannen ech et ganz ganz wichteg, dass…

(Interruption)

Une voix.- Schwätzt Dir als Affekot oder als Deputéierten?

M. Xavier Bettel *(DP).-* Neen, de Bâtonnier vertrëtt d'Affekoten.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Xavier Bettel *(DP).-* Ech vertrieden elo hei d'DP.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Et ass awer net ëmmer gutt erauszefannen, wien Dir vertrëtt.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Ech vertrieden d'Intérête fir d'Allgemengheet, Här Krecké, net esou wéi all Mënsch heibannen.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Et misst een e puer Kape kréien, dat wier méi einfach, da wéisste mir et.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Oh, Här Bodry, ech weess net wéi vill Kapen Dir hutt, also. An et géif een heiansdo mengen, et wär een - éischter op enger Kapesëtzung, wann ee bei lech nokuckt, wéi op jidde Fall mat vill Kape ronderëm sech ze sprangen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op jidde Fall fannen ech et wichteg, dass hei de Bâtonnier als Kontaktpersoun fir d'Affekoten zréckbehale ginn ass. Den Här Krecké sot et, e war net dofir an der Kommissioun, mä awer eng éclairéiert Majoritéit war dofir, fir op jidde Fall dee Punkt esou ze formuléieren, dass et sou soll sinn.

An dann nach dee leschte Punkt, op deen ech wëll agoen, ass dee vum „sciemment". Et ass selbstverständlech ganz wichteg, dass hei - an ech hunn et schonn an der Introduktioun gesot, déi Leit, déi gäre Blanchiment maachen, dat sinn ëmmer méi Filouen, déi schaffen ëmmer mat Tricken, a wann een do net oppasst, oder wann een do opgepasst huet, mä et huet een deen, dee Blanchiment probéiert ze maachen, net erkannt, déi schaffe mat egal wat fir engem Trick fir kënnen de Blanchiment duerchzekréien, an dass Dir herno als Affekot oder als Professionell bestrooft gitt, da fannen ech dat selbstverständlech net richteg, wann een et jo net express gemaach huet, an et au contraire eng Inadvertance ass oder een an déi Fal oder an deen Trick eragefall ass, wou e probéiert huet, een eranzesetzen.

Här President, no all deenen Erklärunge soen ech lech merci fir Äert Nolauschteren, bréngen och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Remerciementen och un de Rapporteur, deen am Detail all Problemer, déi sech bei dëser Transpositioun vun enger Direktiv hei gestallt hunn, behandelt huet, a wou ee gesäit, dass et muss am Dialog mat de concernéierten Instanzen, mat de concernéierte Beruffer geschéien, dass een e Gesetz ëmsetzt, well soss riskéiert een niewent den Dill ze sëtzen.

Et ass gewosst, dass periodesch d'Bankeplaz Lëtzebuerg dobaussen attackéiert gëtt, well iergende Riichter am Ausland fonnt huet, dass e Client, eng Persoun, géint déi eng Enquête leeft, oder eng Entreprise, e Kont zu Lëtzebuerg huet. Déiselwecht Entreprise oder deeselwechte Client huet meeschtens och nach e puer Konten an anere Länner. Meeschtens am Ursprongsland selwer, mä dat, wat dann negativ an d'Schlagzeile geréit, ass den Numm vu Lëtzebuerg.

Wat ech bedaueren, dat ass dass d'Bankplaz déi Praktik, déi se virdrun hat, an notamment d'Bankenassociatioun, dat ass, dass se meeschtens den Dag selwer oder schonn an der Ausaarbechtung vun dem Artikel vum Journalist kontaktéiert ginn ass, fir d'Stellungnahm vun der concernéierter Bank an eventuell vun der Bankenassociatioun ze kréien, dass déi Kontakter net méi bestinn, an dass d'Rectificatiounen, oder soss Richtegstellungen, déi musse gemaach ginn, meeschtens eréischt e puer Woche méi spéit kommen, an dann net à la une des journaux sinn, mä wäit hannen, iergendwou an engem Eck. Ech mengen, dat ass eng Aart a Weis déi net gutt ass fir ons Bankeplaz ze verteidegen, a wou ee muss kucken, dass een déi Medienaarbecht verbessert. Dat schéngt mir d'Aarbecht ze si vun der Bankevereenegung a vun hire Memberen an Zesummenaarbecht mat der Regierung - mä nach läit déi Haaptverantwortung bei deenen aneren, bei de Professionelle vum Bankesecteur.

Den zweete Punkt, dee ganz evident ass och, dat ass dass, well mir oft an der Press kritiséiert ginn, een da wëll hei de Musterschüler spillen. Dat féiert dozou, dass ee ganz seriö Formatiounen an Instruktioune gëtt, wou alles kontrolléiert a gemaach gëtt a wou d'Beamte responsabiliséiert ginn, mä wou awer och op eng Kéier de Client vun enger Bank, de Client vun engem Affekot oder vun enger Entreprise du chiffre, wéi se genannt ginn, den Expert-comptable, dass déi op eng Kéier d'Impressioun hunn, dass all Client hei wéi e potenzielle Kriminellen ugesi gëtt. Ech mengen, och dat ass schlecht, an dovir musse mir warnen.

D'Schwieregkeet ass bien évidemment, dass mir éischter an der Kritik leie wéi aner Länner, wéi notamment d'Plaz vu London, wou ee gesäit dass déi Regelen, déi mir hei hunn, an déi international oder europawäit sollten applizéiert ginn, a Wierklechkeet a verschiddenen anere Bankeplaze wéi notamment zu London vill méi large interpretéiert ginn, wat och zu Schwieregkeete bei de Clientë féiert, well se net versti firwat mir hei zu Lëtzebuerg déi Regelen esou strikt applizéieren an an anere Finanzplazen d'Regele méi op der Confiance baséieren, dass wa scho Sue vun enger Bank kommen, déi vun engem GAFI-Land originär sinn, dass dann déi aner Bank net méi brauch ze kontrolléieren, ob dat an der Rei ass oder net. Dat si Praktiken, déi bestinn, dat si Realitéiten, mat deene mir ze dinn hunn.

Déi Direktiv, déi mir haut wëllen ëmsetzen, déi geet elo méi wäit, déi concernéiert net nëmmen d'Banken, déi geet och elo op aner Professioneller iwwer, ënner anerem och op d'Casinoen, op den Assurancësecteur, mä virun allem op d'Affekoten. An et ass do, wou mir mat Recht an der Commission juridique de Problem nogekuckt hunn, well mir wëssen dass ganz oft de Client bei ee kënnt - bei en Affekot kënnt, well e mengt, dass en eng Berodung kritt, fir ze évitéieren dass en iergendwéi mat engem strofrechtleche Gesetz oder enger Dispositioun géing a Kontakt geroden. Et ass ganz evident, dass een da muss de Client beroden an deem Sënn, mä et ass awer och grad esou evident, dass e Client heiansdo mat Formulatioune kënnt, mat Confidencë kënnt, wou den Affekot forcéiert ass fir him ze soen, dass en ënnert deene Konditiounen do net ka mat ëm schaffen.

Déi Dispositioune fir deen Ablack, dass een da misst als Affekot, wou ee concernéiert ass, wou ee verschidde vertraulech Informatioune vun engem Client huet, schonn ier iergendeppes passéiert ass, beim Procureur uruffe fir him ze soen, do kéint et sinn dass eng Persoun kéint eppes maachen, ech mengen dat wär manifestement ze wäit. Da géing och d'Vertrauen an den Affekot an iwwerhaapt de Rôle selwer vum Affekot als Beroder vun engem Bierger ganz staark a Fro gestallt ginn.

Et ass ganz kloer, dass en Affekot awer, wann hien oder ee vun deenen anere Professionellen, déi elo hei am Gesetz virgesi sinn, bewosst higeet an e mécht all méiglech Tricke mat, fir dem Client ze hëllefen, eng Affär vu Wäisswäsche vun Drogegelder oder vu soss Aktivitéiten, terroristeschen Aktivitéiten, e Finanzement erbäizeféieren, deen Ablack wou en en aktive Rôle huet, och natierlech strofrechtlech muss belaangt ginn.

Dat gesot mengen ech hu mer e Gesetz, wat mer hei équilibréiert formuléiert hunn. Déi Propositiounen, wéi se vun der Commission juridique zréckbehale gi sinn, fannen ons Zoustëmmung, an dofir wäert den ADR och fir dëst Gesetz stëmmen.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Renée Wagener agedroen. D'Madame Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst d'Madame Wagener schwätzen!

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Dat war just en Test.

(Interruption)

Neen, neen, ech hu geübt.

Dee Projet de loi, dee mer haut virleien hunn, setzt eng Direktiv vun 2001 ëm, wou et éischtens ëm d'Extensioun geet vum Champ d'application. Déi éischt Direktiv vun 1991 huet sech jo haaptsächlech op de Blanchiment vun Drogegelder axéiert an huet och net zwéngend aus dem Blanchiment eng penal Infraktioun gemaach. Si huet haaptsächlech dofir gesuergt, dass de Secret bancaire bei engem Soupçon op Blanchiment kéint opgehuewe ginn. Iwwregens huet Lëtzebuerg eréischt 1998, also mat ganz vill Verspéidung, de Blanchiment regelrecht a säi Code pénal opgeholl, wat jo vläicht och eppes zum Imageproblem, ënnert deem Lëtzebuerg leit, bäigedroen huet, an ech wäert op deen Imageproblem och herno nach eng Kéier zréckkommen.

Zweetens geet et dann awer och ëm d'Extensioun vun de Professiounen, déi ënnert de Champ d'application vun deem Projet an dann eben och vun där Direktiv hei falen. Ee wichtegt Beispill sinn do d'Marchands d'articles de grande valeur. An hei muss een direkt schonn emol soen, dass d'Regierung sech wollt e bëssen e Profil ginn, andeems se iwwert d'Direktiv erausgaangen ass an d'Saach net nëmmen op déi Marchands d'articles de grande valeur reduzéiert huet, mä méi eng allgemeng Formulatioun gewielt hat, wou dann och méi global Commerçanten a Vendeure viséiert gewiescht wären. E Courage, deen allerdéngs och noutwendeg ass, well mer gesot kritt hunn, dass grad an deem Beräich de Blanchiment zurzäit am einfachsten ass. E Courage, deen d'Commission juridique awer leider net hat, well si ass erëm zréck op dee méi enk gefaassten Text vun der Direktiv komm.

Drëttens betrëfft dëst Gesetz dann och d'Finanzéierung vum Terrorismus. Niewent dem Blanchiment soll wéi gesot och den Noircissement vu Gelder fir terroristesch Zwecker bekämpft ginn. D'Kommissioun huet sech am Fong geholl ganz wéineg mat deem Fait befaasst an och domadder, dass d'Definitioun vum Begrëff Terrorismus aus dem ëmstriddenen Terrorismusgesetz staamt a wéi eng Konsequenzen dat dann eigentlech an der Praxis kann hunn.

Ech wéilt awer zréckkommen op déi méi kontroverséiert Punkten, nämlech dee Bezéiungsdräieck Professioneller-Clienten-Parquet, ëm deen hei ganz vill gestridde ginn ass. Et muss een zouginn, dass hei munches vun de Professionellen aus deene Secteure verlaangt gëtt: Si mussen hir Clientë vill méi genee ënnert d'Lupp huele wéi dat bis elo de Fall war, an d'Échappatoiren, fir am Fall vun engem Blanchimentsverdacht net aktiv ze ginn, si méi kleng ginn.

Ech wéilt dann och op den Haaptdilemma zréckkommen, deen d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv provozéiert: Wéi kann een deem gerechtfertegten Zil vun der Bekämpfung vu Blanchiment an zu Lëtzebuerg dann eben och Terrorismus méi no kommen, ouni d'perséinlech Rechter vun de Clienten an den Diskretiounsusproch vun de Professionellen ze verletzen? Deen Dilemma, Dir Dammen an Dir Hären, wär sécherlech vill manner grouss, an d'Zuel vun de Fäll, wou déi Fro sech stellt, vill méi kleng, wa mer zu Lëtzebuerg kee Bankgeheimnis hätten. Erstaunlecherweis geet dovunner an deenen diversen Avisë relativ wéineg Rieds, jo et huet ee souguer heiansdo den Androck, dass de Blanchiment u sech net als dat graavt Verbriechen erkannt gëtt, dat et dach eigentlech ass.

Ech wéilt do nëmmen aus engem Artikel aus dem „Monde diplomatique" zitéieren, wou gesot gëtt, dass laut FMI den Undeel vum dreckege Geld weltwäit op 1-5% vum PIB geschat gëtt an dass de Blanchiment an direktem Zesummenhang mat den internationale Finanzkrisen, zum Beispill déi a Russland, a Mexiko oder an Thailand aus den 90er Jore stoung. Dat sinn nämlech Beispiller fir Länner, wou Kapitalflucht a Korruptioun op der Dagesuerdnung sinn.

Et gëtt och an deem Artikel gesot, dass d'Koexistenz vu Systemer wéi mir se an Europa hunn oder wéi et se och an Amerika gëtt, wou d'Fluktuatioun vum Kapital ënner staatlecher Supervisioun funktionéiert, an doniewent dann awer Off-shore-Beräicher, zwangsläufeg zum Entstoe vun engem Raum féiert, wou all méiglech transnational Delinquenze stattfannen an d'Mafia sech entfale kann. Soulaang wéi dësen zweegleisege System toleréiert an akzeptéiert gëtt, si Supervisioun a Spillregelen och zwangsleefeg hannendra par rapport zur Rapiditéit vun de Flux financiers an zur Rapiditéit vun deene Leit, déi dann déi enorm Potenzialer vu Gelddétournementer hunn.

Wann een dat a Relatioun setzt mat den Avisen, déi zu dësem Gesetzesprojet erakomm sinn, wéi zum Beispill dee vun der Chambre de Commerce, wou d'Lutte géint de Blanchiment op e rengen Imagelifting reduzéiert gëtt a wou virun enger Transposition excessive gewarnt gëtt, oder och den éischten Avis vum Statsrot, dee mengt et misst een, ech zitéieren, „des dérives s'apparentant à la chasse aux sorcières" évitéieren, da muss ee sech scho froen, ob déi Leit d'Gravitéit vum Blanchiment a vu senge Konsequenzen nach objektiv aschätzen.

Dat als e puer méi allgemeng Iwwerleeungen zu dëser Thematik. Ech wéilt dann awer zréckkommen zu deene Punkten, déi par rapport zum Projet de loi méi prezis fir Diskussioune gesuergt hunn. Éischtens de Seuil ab deem d'Cashpaiementer ënnert de Champ d'application vum Gesetz falen. Dee war am Ufank méi niddreg ugesat gi wéi dat an der Direktiv verlaangt gi war, also ee vun deene Punkten, wou d'Regierung Courage gewisen hat. Hei huet d'Commission juridique gemengt, dat géing ze wäit goen, an huet déi kleng Initiativ vun der Regierung dann erëm réckgängeg gemaach.

Zweetens, d'Relatioun tëschent dem Professionellen an dem Client, dat heescht de Prinzip „know your customer", mä awer och d'Konsequenzen, déi sech aus enger Meldung beim Parquet erginn am Fall wou e Verdacht besteet. Et sinn och hei virun allem d'Affekoten, déi sech an Zeitungsartikele skandaliséiert weisen. Ech zitéieren e Bréif am „Lëtzebuerger Wort" vum Fernand Entringer: «Au revoir la confiance, bonjour la délation. Finies la liberté de conscience, la dignité responsable.», an där Saache konnt een nach eng ganz Rei méi doruechter liesen.

Et ass dann och ganz vill iwwert déi sou genannten Intention criminelle diskutéiert ginn, déi misst beluecht sinn am Fall wou een an enger Verdachtssituatioun näischt ënnerhëlt. D'Commission juridique huet relativ kuerz viru Schluss dunn nach an deem Artikel, wou se déi heite Problematik beschreift, dat Wiertchen „sciemment" an den Artikel bäigesat, wou et drëms geet déi ze bestrofen, déi net mam Parquet kooperéieren, an zwar huet se dat gemaach op Demande vum Barreau. Dat ass elo och schonn e puermol hei gesot ginn.

Et freet ee sech iwwregens och an deem Kontext - mir hunn de Barreau an där Zäit, wou ech an der Commission juridique war, relativ oft gesinn -, ob dat heiten net och eng Geleeënheet gewiescht wär wou ee vläicht mat engem Vertrieder vum Parquet och nach eng Kéier hätt kéinten zesummekommen, fir déi Vue nach eng Kéier erkläert ze kréien. Dat ass net geschitt.

Et ass op alle Fall bemierkenswäert, dass grad op dësem Punkt der Opposition formelle vum Statsrot net stattgi gouf, dee jo selwer scho relativ vill um initiale Projet geseet hat a bei dësem spezifesche Punkt awer eigentlech ni e Problem gesinn hat. An op aneren Opposition-formellen huet d'Commission juridique dann awer noginn.

Et ass wouer, Här President, dass et sech hei ëm e ganz delikate Beräich handelt, mä wann een d'Sanktioune just nach op Preuve vun enger intentioneller net Kooperatioun oder net Meldung reduzéiert, da verléiert dee Pabeiertiger, mat deem mer et hei ze dinn hunn, definitiv säi Gebëss, an da verléiert dat ganzt Gesetz u sengem Impakt.

Ech hunn an der Kommissioun d'Fro opgeworf, wat da mat deene sou genannten Négligencë geschitt, ob déi dann op iergendeng Aart a Weis sanktionéiert ginn. Ech krut do gesot, dat géif och haut scho belaangt ginn an dofir géif et och haut scho Sanctions administratives gi vu Säite vun der CSSF oder och vum Bâtonnier, an dat kéint een alles dann an deene Rapports annuels zum Beispill vun der CSSF noliesen. Ech muss soen, datt dat mir net wierklech duergeet als Méiglechkeet fir dee Beräich dann ofzedecken, d'autant plus wou mer jo awer keng Zuelen oder Donnéeën doriwwer virleien haten, wéi streng dat dann an der Vergaangenheet de Fall war a wéi et an der Zukunft wäert sinn.

Ech weess net op alle Fall, ob dat d'Saach rett, a mir halen et do als Gréng och éischter mam Conseil d'État, deen a sengem leschten Avis dann och an där heite Problematik relativ kloer Oppositioun bezitt, an ech wéilt dat och nach eng Kéier zitéieren: «Le Conseil d'État se doit donc encore une fois de souligner que, s'il y avait des excès de rigueurs dans la mise en oeuvre des règles actuelles, le remède consisterait non pas à sacrifier la procédure en tant que telle, au risque de se placer hors de l'esprit de la directive, mais à affiner la mise en oeuvre des procédures existantes, au besoin par l'intervention du législateur ou du pouvoir

exécutif.» Dat ass och eis Meenung.

Hei huet ee sech d'Saach ze vill einfach gemaach, amplaz vläicht nach no anere Moyenen ze sichen, fir dee Problem besser an de Grëff ze kréien. Dat ass och den Haaptgrond, Här President, firwat mir eis beim Vote zu dësem Gesetzesprojet wäerten enthalen.

Deen drëtte Punkt ass d'Relatioun tëschent dem Professionellen an den öffentlechen Instanzen, deenen am Eeschtfall dës Informatioune jo musse weidergi ginn, an de Wee, iwwert deen dat geschitt. Hei hu mer och ganz laang driwwer diskutéiert, ob een de Choix fir d'Affekote sollt oploossen tëschent dem Parquet an dem Bâtonnier. D'Majoritéit vun der Kommissioun, déi jo ganz vill Affekoten ënner sech zielt, huet gemengt, dass de Bâtonnier déi Roll sollt iwwerhuelen. De facto schafe mer eigentlech domadder eng Zwëschestuf respektiv vläicht och en Zwëschefilter. Ech hu vun Ufank u gemengt, et wier méi sënnvoll do de Choix opzeloossen. D'Positioun, déi de Barreau insgesamt vis-à-vis vun dësem Gesetzestext geholl huet, bestäerkt mech eigentlech an där Positioun.

Ech wéilt och en Zitat vun der franséischer Conférence des Bâtonniers brëngen, déi wahrscheinlech do ganz no beim Lëtzebuerger läit: «Nous regrettons de tout coeur que des gouvernements aient jugé bon, ces dernières années, d'étendre leur autorité dans ces domaines et nous poursuivons notre lutte contre les extensions dans ces domaines ou d'autres à l'avenir.» Dat heescht, de Barreau ass eigentlech schonn d'office op enger Positioun fir do Oppositioun ze maachen.

Véierte Punkt, d'Roll vun der Cellule de renseignement financier, déi zu Lëtzebuerg vum Parquet iwwerholl gëtt. Et gëtt aner Länner - zum Beispill Frankräich oder och d'Belsch -, déi do e bëssen aner Weeër gaange sinn. Frankräich huet e sou genannte Service TRACFIN, dee vum Ministère de l'Économie et des Finances ofhänkt an deen den Intermédiaire mécht tëschent dem Professionellen an dem Parquet. Eréischt wann dëse Service fënnt, dass d'Informatiounen eng Poursuite rechtfertegen, gëtt e se weider un de Parquet. Elo kéint een hei soen, dat ass och e Filter. Vläicht wier et awer een, vun deem een e bësse méi Onofhängegkeet sech awer kéint virstelle wéi beim Bâtonnier.

Eis Chambre de Commerce geet iwwregens an hirem Avis och op dee System an a seet, et wier vill besser, et géif een an esou eng Richtung goen, wéi eleng dem Parquet d'Aufgab ze iwwerloossen, fir an dësem Beräich aktiv ze ginn. Och den Ordre des Avocats verlaangt eng Cellule autonome. Do kritt een dann och e bëssen d'Gefill, dass d'Leit zwar vun deemselwechte schwätzen, mä awer vläicht net onbedéngt datselwecht mengen, wann et drëms geet, wien dann d'Kontroll oder d'Handhab iwwert déi Cellule oder iwwert dee Service schlussendlech hätt.

Mir hu bei deene leschte Gesetzer op alle Fall, wa mer dat kucken, iwwert d'Commissions rogatoires oder iwwert den Terrorismus, ëmmer dem Parquet seng Roll gestäerkt. Et kéint ee sech d'Fro stellen, ob dann elo an dësem Fall en anere Wee gerechtfertegt wier. Mä op alle Fall war de politesche Wëlle jo eigentlech och net do, fir hei an eng aner Richtung ze goen, an och de Statsrot wollt hei keng nei Weeër goen.

Et wäert sech also einfach an der Praxis weise mussen, ob dee System, dee mir elo hei eigentlech ausbauen - well mer e jo schonn hunn -, effikass genuch ass oder net.

Här President, an der Direktiv steet iwwregens, dass d'EU-Kommissioun den 1. Januar 2004 an dueno all dräi Joer géif e Rapport iwwert d'Applikatioun vun där Direktiv virleeën. Et kann ee sech froen, ob dat scho geschitt ass. Den 1. Januar ass jo schonn erlaanscht. Leider hu mir esou en Dokument an der Commission juridique net ze gesi krut.

Et wier eigentlech interessant ze gesinn, wéi Lëtzebuerg sech mëttlerweil positionéiert mat iwwregens bal engem hallwe Joer Verspéidung par rapport zum Ëmsetzungsdélai vun der Direktiv. Déi nächst Rapporten, déi da wäerte kommen, déi musse jo dann och weisen, wéi d'Ëmsetzung vun där Direktiv dann in concreto geschitt ass.

An engem Rapport vum Europaparlament gëtt och drop higwisen, dass een zwar géif iwwer Donnéeë verfügen iwwert d'Zuel vun de Notificatiounen, déi par rapport zu suspekten Transaktioune gemaach goufen, mä awer net doriwwer, wéi vill Condamnatiounen datt se bewierkt hunn: «Les chiffres disponibles révèlent que tant le nombre des condamnations que le montant des sommes confisquées sont très faibles.» Et ass nämlech grad, well et esou schwéier ass e Lien tëschent der Infraction principale an dem Akt vum Blanchiment ze beweisen, dass dem Blanchiment esou schwéier bäizekommen ass. Mat dësem Gesetz weess ech net, ob et méiglech ass dat besser ze maachen.

Erstaunlech fannen ech bei där Entwécklung awer, dass d'Regierung et zougelooss huet, dass hire méi couragéierten Ursprongstext esou verwässert ginn ass, wéi dat hei de Fall war. Et huet een natierlech d'Gefill, datt hei e Match stattfonnt huet tëschent dem Parquet, deem seng Handschrëft de Projet de loi eigentlech dréit, an dem Barreau, dee schlussendlech dee Match gewonnen huet.

Et kéint ee sech awer och d'Fro stellen - an domat kéim ech zum Schluss, Här President -, ob dat hei net eng Aart vun Aarbechtsdeelung war, wou déi eng eppes fir den Image vu Lëtzebuerg um europäeschen Niveau gemaach hunn, andeems si e relativ progressive Projet virgeluecht hunn, an déi aner eppes fir d'Wohlwolle vum Secteur financier, andeems si dann all déi Saachen erëm eng Kéier erausgeholl oder verwässert hunn.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun der Regierung am Kontext vun der Finanzplaz war et an ass et, eng zolidd, diversifiéiert, gutt iwwerwaachten a propper Finanzplaz ze schafen. Mir hunn dat erreecht, andeem mer eng ganz Rei Gesetzer an dëser Legislaturperiod abruecht hunn, déi och d'Zoustëmmung vun dësem Haus kritt hunn, fir déi Finanzplaz op méi zolidd Been ze stellen. Ech denken un d'Gesetzer iwwert d'Fongen, d'Titrisatioun, den Trust.

Ech denken awer och déi substanziell Steierreduktiounen, déi och mat sech gezunn hunn, datt Lëtzebuerg méi attraktiv fir d'Lokalisatioun vu Finanzaktivitéiten, vu Finanzinstituter an deene leschte Jore ginn ass. Mir wollten eng gutt iwwerwaachte Finanzplaz, well dat noutwendeg ass fir de Seriö vun der Finanzplaz. Dofir hu mer och an deene leschte Joren d'Iwwerwaachungsorgan, d'Commission de Surveillance du Secteur financier, personalméisseg ausgebaut.

Mir wëllen a mir mussen eng propper Finanzplaz hunn. De Gesetzgeber, d'Politik huet do eng wichteg Roll, well se de Kader setzt fir och dëse Kampf géint d'Kriminalitéit ze féieren. E Gesetz iwwert de Blanchiment, iwwert d'Geldwäsch ass e Gesetz, wat ee muss areien an de Kampf géint d'Kriminalitéit. D'Kriminalitéit dierf net, oder déi kriminell Acteuren dierfen net d'Finanzkanäl mëssbrauchen, fir hir Aktivitéiten ze maachen, weder do, wou d'Suen um Ufank vun enger krimineller Dot stinn, wéi do, wou d'Suen als Zil vun enger krimineller Dot stinn. A béide Fäll muss de Gesetzgeber intervenéieren.

Et ass dofir, wou mer an dëser Legislaturperiod am Fong dräi Gesetzer, déi ee muss zesumme gesinn, abruecht hunn, fir sécherzestellen, datt dee Kampf géint déi Kriminalitéit seriö geféiert gëtt. Dat ass d'Gesetz iwwert d'Korruptioun, dat ass d'Gesetz iwwert de Finanzement vum Terrorismus, wat e wesentlechen a wéineg kommentéierten Deel vum Gesetz iwwert den Terrorismus war, an dat ass selbstverständlech och d'Réglementatioun iwwert de Blanchiment.

Natierlech huet dat eng extern Wierkung, andeem mer als grouss international Finanzplaz eng extra Responsabilitéit hunn, fir sécherzestellen, datt dës Finanzplaz no deenen nämlechte Kritären d'Finanzkriminalitéit bekämpft wéi aner grouss Finanzplazen.

Mä et huet och, soen ech, an dat gëtt vläicht an dësem Débat oft ënnerschätzt, eng Wierkung no bannen. An dat eent hänkt mat deem aneren zesummen, well et ass ganz kloer, datt wann déi Finanzplaz net op eng propper Aart a Weis duerch en adequate juristesche Kader ëmrummt gëtt, datt mer da riskéieren op international schwaarz oder gro Lëschten ze kommen, wat natierlech déi seriö Clientë vun der Finanzplaz ewech hält, well déi wëllen net op eng Finanzplaz goen, op där de Ruff besteet, datt illegal Aktivitéiten do liicht eng Plaz géinge fannen.

Ech mengen net, a contrairement zu deem wat d'Spriecherin vun der grénger Fraktioun hei gesot huet, datt d'Bankgeheimnis an dësem Kontext e Problem ass, well ech muss lech hei nach eng Kéier rappeléieren, datt d'Bankgeheimnis selbstverständlech virun engem Strofriichter opgehuewe gëtt, an et ass och ganz kloer, an dat hunn d'Evénementer vum 11. September bewisen, datt an deene Länner, wou Finanzquelle vun den Terroriste fonnt gi sinn, datt dat Länner waren, déi iwwerhaapt kee Bankgeheimnis haten, an datt dofir also dee Lien net mat dem Bankgeheimnis zesummen ze gesinn ass, well wéi gesot dee beim Strofriichter opgehuewe gëtt, mä datt et hei einfach drëm geet, Regelen ze hunn déi sécher stellen, datt wann esou Finanztransaktioune kommen, an där ginn et der leider vill, datt déi um richtege Moment interceptéiert ginn an datt et esou schwiereg wéi méiglech gemaach gëtt fir déi Kriminell, fir d'Finanzkanäl ze gebrauchen. Dofir hu mer, well mer och dovunner iwwerzeegt sinn, datt hei muss d'international Communautéit zesumme spillen, an dëser Legislaturperiod e Gesetz gemaach iwwert d'Rechtshëllef, d'Entraide judiciaire internationale, a mir hunn och an deem Kontext, an dat soll een och net ënnerschätzen, den europäeschen Haftbefehl um europäesche Plang an duerno och am Lëtzebuerger Parlament ugeholl.

D'Chamber huet sech laang an intensiv mat dësem Projet de loi vun der Regierung auserneegesat, an ech begréissen déi konstruktiv Approche, déi d'Commission juridique dozou hat, och wann ech hei nach eng Kéier wëll soen, och datt dat an den Akte vun der Chamber festgestallt ka ginn, datt d'Chamber sech ausschliesslech, an Äre Rapporteur huet dat virdru gesot, op d'Direktiv baséiert huet. An den Ae vun der Regierung kann een net Abstraktioun maache vun aneren Texter vun der Europäescher Unioun, wéi eng rezent Décision cadre iwwert de Blanchiment, déi d'europäesch Justizministeren ugeholl hunn, an och net Abstraktioun maache vun de Recommandatioune vum Groupe d'action financière internationale.

Et wäert also esou sinn, datt och déi nächst Regierung an och déi nächst Chamber sech och mat deene Recommandatiounen, no der Adoptioun vun dësem Gesetz, am Detail nach eng Kéier wäerten ausernee musse setzen.

Hei ass e Mëttelwee gesicht ginn, e Mëttelwee, deen d'Regierung ka begleeden, mä et ass selbstverständlech an dëser Matière, deemno a wéi e Bléckwénkel ee sech stellt, an dat koum och de Mëtteg hei an den Débaten zum Virschäin, grad wéi an deenen eenzelnen Avisen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn, datt de Pegel emol déi eng oder déi aner Säit e bësse méi ausschweift. Wesentlech awer ass et, datt mer eng strikt Gesetzgebung an dëser Matière hunn. Ech mengen datt dat, wat hei zur Ofstëmmung kënnt, deem largement gerecht gëtt, an d'Regierung weess och vun de Suergen, déi a ville Secteuren op der Finanzplaz, mä och a berodende Milieue wéi Affekoten a Réviseuren iwwert d'Applikatioun vun deem Gesetz gemaach ginn.

Ech mengen et wär net gutt, wann ee vun haut op muer géing einfach all dat, wat sech zënter den 90er Joren opgebaut hat am Kampf géint d'Finanzkriminalitéit, vun haut op muer géif iwwer Bord geheien. Mä grad esou falsch wär et, wann een iwwerhaapt net géing doriwwer diskutéieren. An dofir mengen ech ass et d'Flicht vun deenen, déi an der nächster Regierung an an der nächster Chamber sëtzen, sech mat allen Acteuren un en Dësch ze setzen, fir déi praktesch Applikatioun vun deem Gesetz ze kucken, och deene Gesetzer vun 1998, an esouwuel déi opgeworfen institutionell Froen, fir d'Applikatioun am Fong vun deenen Texter nach eng Kéier an engem rouege Kader ganz duerchzediskutéieren an da le cas échéant Adaptatiounen ze maachen.

Ech mengen dee Wëlle besteet. Dat hunn ech och an de Gespréicher an dësem Parlament héieren, an och de Mëtteg esouwuel an der Kommissioun wéi de Mëtteg hei, an dofir ass et, mengen ech, wichteg, datt deen nächste fir d'Finanzplaz zoustännege Minister déi Gespréicher féiert an och emol nach eng Kéier all d'Argumenter kuckt, déi 1999 oder 1998 dozou geféiert hunn, wat fir eng Instanz zu Lëtzebuerg fir d'Applikatioun zu deem Gesetz zoustänneg ass, an nach eng Kéier all déi Argumenter géinteneen ofweit.

Ech stelle fest, datt Är Chamber sech hei apprétéiert, iwwer eng Opposition formelle vum Statsrot ewechzegoen. Dat ass de fräie Choix vun dem Parlament. D'Regierung kommentéiert dat net, ëmsou méi wou déi Opposition formelle sech bezitt op en Amendement, deen d'Chamber eraginn huet. Ech géing awer soen am Numm vun der Regierung, datt d'Regierung Ärem Wonsch, deen Der ausgedréckt hutt an deem leschte Rapport, deen oft zréckgeet un de Conseil d'État, ausdréckt, datt de Conseil d'État sech nach eng Kéier iwwerleet, ob opgrond vun där Opposition formelle an opgrond vun Äre subsequenten Observatiounen, en trotzdeem d'Dispens vum zweete Vote wëllt refuséieren. D'Regierung dréckt de Wonsch aus, datt de Statsrot sech dat intensiv iwwerleet.

Ech mengen, et wär besser, wa mer kënnten och an deenen internationale Gremien, wou d'Regierung d'Lëtzebuerger Land vertrëtt, mat engem Gesetz do stoen, wat schonn den definitiven Accord vum Parlament hätt, wat also schonn am Mémorial géing stoen. Wann dat am Oktober kënnt ass dat kee Problem, mä wann et éischter kann am Mémorial stoen, ech mengen da wär dat am Intérêt vun dem Kampf géint d'Geldwäsch, an am Intérêt vun de Kommunikatiounen, déi mir an deem Kontext an d'Europäesch Unioun, respektiv vis-à-vis vun internationale Finanzorganisatioune wéi dem FMI maachen.

Deen éischte Vote, a vläicht deen zweeten, deen d'Parlament haut mécht, ass awer e wesentleche Schrëtt fir eng besser Bekämpfung vun der Finanzkriminalitéit, an dofir soen ech all deene merci, déi heizou geschwat hunn, an deenen, déi dëst Gesetz ënnerstëtzen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 25 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5165 ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling) et Jacques-Yves Henckes.

Se sont abstenus: Mme Lydie Err;

M. Aly Jaerling;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5335 iwwert d'Ofännere vum Statshaushalt vum Joer 2004. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Rippinger a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Haupert.

6. 5335 - Projet de loi modifiant la loi du 19